N°1550
Entrée le 20.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.11.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

Wéi d'SES matdeelt, solle weltwäit Aarbechtsplazen ofgebaut ginn. Och zu Lëtzebuerg wäerten am Back Office Aarbechtsplazen ofgebaut ginn, wéi ee WORT-Artikel vum 23ten Oktober mellt. D'SES deelt mat:
*"Die Entscheidungen werden hier in Luxemburg getroffen. Hier werden wir immer eine große Anzahl von Mitarbeitern haben."*
De Lëtzebuerger Staat ass duerch seng Aktienundeeler och am Verwaltungsrot vun der SES vertrueden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi eng Geschäftsbezéihungen existéieren tëschent der SES an de Verwaltungen beim Lëtzebuerger Staat a wéi vill Suen hunn déi verschidde Verwaltungen heifir ausginn? (Oplëschtung vu Kontrakter no Ministère)

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten